N°3596
Entrée le 18.03.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil

**Äntwert vum Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil, Max Hahn op d'parlamentaresch Fro n°3596 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen iwwer d'Ausschreiwung vun engem Persounentransportservice fir den Office national de l'accueil.**

- *Ënnert wéi enge(n) Referenznummer(en) ass dës Ausschreiwung um Portail vun de Marché publics ze fannen?*
- *Wéi eng Firma/Firmen kruten den ëffentlechen Optrag?*
- *Wat ass de Budget vun dëser Ausschreiwung?*

D'Ausschreiwung mam Numm „Service de transport professionnel de personnes par route pour le compte de l'Office national de l'accueil" huet als Zil vulnerabel Persounen, déi net op den ëffentlechen Transport kënnen zeréck gräifen, ze transportéieren, sief et tëscht verschiddene Strukture vum ONA, sief et op aner Destinatiounen ewéi bei den Dokter. Dës Aussschreiwung ass ënner der Referenznummer 2502722 um Portail vun de Marchés publics ze fannen. D'Firma, déi den ëffentlechen Optrag krut ass Demy Schandeler. De Budget vun dëser Ausschreiwung läit bei 110.000 EUR/HTVA d'Joer, fir eng Durée initiale vum Marché vun 2 Joer.

Lëtzebuerg, den 18. Mäerz 2026

Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil

(s.) Max Hahn